Den 1. Januar 2020 ass den DAMPMELDER obligatoresch ginn

De 19. November 2019 ass dat neit Gesetz zu der Dampmelderpflicht an der Chamber gestëmmt ginn. Dëst Gesetz ass den 1. Januar 2020 a Kraaft getrueden a bezitt sech op di obligatoresch Installatioun vun Dampmelder a Gebaier déi op mannst eng Wunneng enthalen.

Ab dem 1. Januar ass esou mat d'Ubrénge vun Dampmelder an Neibauten obligatoresch. D'Dampmelder mussen dann um Niveau vun Ausgäng an a Schlofkummeren ubruecht ginn. An 3 Joer wäert d'Dampmelderpflicht vir all Haushalt am Land gëllen.

E PUER WICHTEG PUNKTEN



Firwaat sollt Dir esou een hunn ?

- Am Fall, wou sech Damp entwéckelt, geet direkt den Alarm lass an Dir kënnt lech esou séier wéi méiglech a Sécherheet bréngen an d'Pompjeeën um 112 ruffen, grad an der Nuecht.

Wéi eng Gebaier ?

- D'Gesetz bezitt sech op all Gebaier di op mannst eng Wunneng enthalen.

Wéini ?

- Säit dem 1. Januar 2020 gëllt d'Gesetz vir all Neibauten
- An 3 Joer gëllt d'Gesetz vir all d'Haushält am Land

Wien ?

- D'Installatioun fält dem Proprietär oder dem Syndikat vun de Co-Proprietären zou
- Den Entretien fält dem Bewunner vum Logement oder dem Syndikat vun den Co-Proprietären zou

Wéi eng Dampmelder ?

- Den Dampmelder muss konform zu de Norme sinn an e muss mat dem CE Symbol gekennzeechent sinn

Wou ?

- Um Niveau vun Ausgäng
- An de Schlofkummeren

Weider Informatiounen - www.rauchmelder.lu • Aner Froen ? - rauchmelder@cgdis.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS